N°8164
Entrée le 14.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8164 vum 18. Juli 2023 vun der Madamm Deputéiert Nancy Arendt.**

Déi honorabel Deputéiert stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mam Taux de Réussite beim Führerschäinsexamen.

Et ass effektiv esou, dass den Taux d'Échec beim praktesche Führerschäinsexame sech an de leschte Jore bei ronn 50% agependelt huet. Dëst ass en Effekt, deen een och an anere Länner feststelle kann. Sou loungen Duerchfallquote fir de praktesche Führerschäinsexame an Däitschland bei ronn 40%, a Frankräich bei ronn 42% an an der Belg bei ronn 45% an der rezenter Vergaangenheet.

***<u>Taux d'échec beim Autosführerschäin op 10 Joer</u>***

| 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 49,8 % | 49,5 % | 49,6 % | 49,9 % | 46,7 % | 45,1 % | 48,8 % | 47,5 % | 51,1 % | 52,5 % |

D'Experte erklären sech dëse Phenomen ënnert anerem mat der Verännerter Approche vun de jonke Führerschäinskandidaten zum Führerschäin an der Mobilitéit als Solches. Engersäits huet de Führerschäin bei ville Jonken en anere Stellewäert wéi nach virun 20 Joer, wat mat der verännerte Mobilitéitsgewunnechte (alternativ Mobilitéit oder och de gratis ëffentlechen Transport) ze erklären ass. Dëst féiert awer och dozou, datt déi jonk Chaufferen net méi esou bei den Elteren am Auto de Verkéier ophuele léiere wéi fréier, well si oft net méi op de Verkéier als Bäi- oder Matfuerer oppassen (Smartphone) an esou vill Reflexer an Automatismen net méi hunn oder kennen iert si an eng Fahrschoul kommen an dat dann do eréischt léiere mussen. Dozou kënnt awer och, dass de Verkéier ëmmer méi komplex gëtt a stänneg zouhëlt, aner nei Verkéiersteilnehmer wéi z. B. d'Trottinetten oder och den ëmmer zouhuelende Vëlosverkéier verlaangen de jonke Chaufferen ëmmer méi of.

Fir op dës Entwécklungen ze reagéieren, muss effektiv an Zukunft méi de Fokus an der Ausbildung op de sougenannte "risk awareness" geluecht ginn. Fir insgesamt déi jonk Chaufferen besser op d'Erausfuerderunge vum moderne Verkéier virzebereeden zu kënnen misst een eventuell bei enger Reform vum Apprentissage driwwer nodenke fir d'Zuel vun den obligatoresche Stonnen an d'Luucht ze setzen fir esou dann och den Taux d'Échec erof ze kréien.

Wat d'Führerschäinsexamen ugeet, esou ass awer ze betounen, dass d'Examinateuren, déi all staatlech agrééiert an assermentéiert sinn, kengem Kandidat eng Fal stellen.

Wat d'Käschte fir de Führerschäin ugeet, esou läit den duerchschnëttleche Präis (fir Theorie a 16 Stonne Praxis) bei ronn 1600 Euro, wat awer vu Fahrschoul zu Fahrschoul variéiere kann, well d'Präisser net reglementéiert sinn. Bei engem Échec kommen dann am Schnëtt nach emol ronn 750 Euro dobäi.

Wat d'Ausland ugeet, esou läit laut ADAC de Präis vun engem Autosführerschäin an Däitschland tëschent 2106 a 4456 Euro jee nodeems wéivill Stonnen e muss huele fir den Examen ze packen. An der Belg läit de Führerschäin jee no Quelle bei ronn 1700 Euro an a Frankräich bei ronn 1800 Euro.

Lëtzebuerg, den 11. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch